

D'Bänk as haut fräi. D'Leit fäerte sécher, d'Faarf wir nach nēt dréchen. Gëschter war d'Schëld nach drun. S'as dréchen, hei kuck, näischt um Fanger!

D'Blieder fale schons, mä 't as nach gutt waarm. De mueren hat et geräift. Se hun hir Mäntel well un. Déi aner Woch huelen ech d'Canadienne aus dem Schaf, dat war eng gutt; s'as nach vun der Fabrik.

De ganze Summer duurch louchen se hei an der Sonn; an der Mëttespau. Kinnekswiss heescht dës Wiss. Elo spille jhust nach e puer Bouwen drop.

Dem Abbes säin wäerd der elo fofzëng hun; en hat der dräizëng, wéi se 'nen op Iechternach an de Kolléisch gedon hun. E muss elo grouss sin. Den Abbes bréngt en ni mat, wenn e mam Täschegeld kënnt. Elo héigen s'eis de Pensionspräis neess; se soë mol sou; wéinst dem Index wir dat. 'T versteeet een nēt genuch dervun.

Wann ech nach wéisst, wéi ech u méng Rent kéim. Ech son dem Abbes et, wann en e Freideg mam Täschegeld kënnt. 'T as jo méng Rent, wat huet hien déi dann anzezéien? Awer da's séng Fra! d'Alice! Hu, da's kee gutt!

Elo sin dat schon dräi Joër hir. 'T war sonndes mëttes nom Essen, ech weess et nach ganz genee. 'T hat keen de Mond virdrun opgedon, mä wéi hat ofgeraumt huet, sot et zou mer: Sou, Monni Nic, de Mëtteg féiere mer dech op d'Rumm. Du brauchst dech em näischt ze këmmen, den Abbes huet alles an d'Rei gemaach. Hie féiert dech dohinner, ech paken der nach di grouss Wallis.

Dat as eng Zara! Ech konnt em mol näischt äntwären, ech hu gemengt 't stéich eppes mer an der Strass.

Maach der näischt draus, sot den Abbes ënnerwee, 't wir souwisou näischt méi gin, bei eis; jhust nach Sträit

GUTT,
DATT DE VIC
DO AS!

a Kaméidi. Op der Rumm hues de déng Rou. An ech bréngen der all Mount dän Täschegeld.

Vu ménger Rent huet en näischt gesot. Déi zéien se schéi weider an; jhust d'Rumm geet of dervun; a mäin Täschegeld. Ech hu scho mäi Liewe laang d'Pai vun der Fabrik erausgin, wéi d'Lina nach gelieft huet. 'T goug eben alles a säi Stot. Hat war och gutt zou mer. 'T läit och scho laang nieft der Mamm an dem Papp. Duerno as séier alles anescht gin; wéi den Abbes mam Alice koum. 'T géif ëmmer méi déck, sot den Abbes. Dat schuet em näischt.

Ech wollt s'eng Kéier besiche gon, heem; mam Zuch. Hannert der Rido war een, ech hun et genee gesinn, mä se hu mer nēt opgemaach. Se hu sécher gefaart, ech wëllt nees dobleiwen. Hun se dech nēt eragelooss?, sot d'Gréitchen hannert dem Comptoir. Wat sin et der!, sot et. 'T waren nach zwou Stonnen bis neess en Zuch an d'Stad gefuer as.

Heinsdo fueren ech dorower bei d'Gréitchen. 'T as meeschtens een aus der Fabrik do. Do hätt sech och vill geännert, seet de Vic. An der Dréierei hun s'en neie Meeschter; en Däitschen. Ech muss eng Kéier kucke fueren; de Will aus der Paart léisst mech bestëmmt eran.

Den Owend gin ech nees bei de Vic op d'Zëmmer. Dee war nach bal zwee Joër méi laang wéi ech an der Fa-

brik. Séng Rent as och nēt déck. 'T gouf jo näischt verdéngt an de fofzeger Joren. Jhust herno as et gaangen. Den Abbes seet mer ni genee, wat ech vu Rent hun, mä ech fannen et nach eraus. D'Maria vum Stack, dat kennt bestëmmt een, dee mer do hëlleft. 'T si jo méng Suën. De Vic seet dat och ëmmer. A fir mer eng nei Box odder e puer Schong ze kafen, dofir bräicht ech den Abbes nēt. En hëlt souwisou ëmmer dat bëllegst; mengt en, ech geséich dat nēt?

D'Fréijor, da gin ech mer neess an den Hammerdällche Weide schneiden. Ech hat de portugiesische Fraleit zjoërt wéinstens eng hallef Dose Kierf verkaaft. 'T as schued, datt se mer d'Schnëtzele verbueden hun. Wéinst dem Stëps, son se. Fësche goë seet mer näischt méi; 't kennt een der ëmmer manner zu Bëlleg an de Wiirtschaften. Kierfman, dat hat deen alen Huemespätter mech nach geléiert; am Krich, hannenaus bei den Héngerstall.

Wat sollen se dohannen an der Pescatore bezuelen? Do misst den Abbes nach e schéine Batz droplëen; do géing et mat ménger Rent nēt duer.

Dat éischt Joër hat en nach gesot, e kéim mech fir Chrëschttag sichen. Mä du hat en eppes um Auto. Ech weess nēt, 't as och zjoërt näischt draus gin. Du haten se Frënn agelueden. En hat mer awer fënnhonnert Frang méi Täschegeld gin. Ech soll nēt zevill Drëpcher drénken, sot en.

Se haten him verzielt, datt d'Jemie méch eng Kéier zrëck op d'Rumm bruecht hun, well ech bal ënnert en Auto gelaf war. Deen Dag hat ech mer wüirklech eng ugestréckt. Dat war, wéi ech genee ee Joër op der Rumm war.

'T gët frësch, dohanne läit schon Niwwel op der Wiss. Zanter dee vu Buurschent dout as, leien ech eleng an der Kummer. Gutt, datt de Vic do as; dee weess och nach vill vu fréier.

Josy Braun

